



## Aktivitéitsrapport vum Joer 2021

### Versammlungen:

- Wéi schonn am Joer 2020, konnt 2021 wéinst de COVID-19 Restriktiounen keng normal Generalversammlung mat physischer Presenz ofgehalen ginn. Well och d'Statute geännert hu misse ginn, hu mir e puer Generalversammlungen op Distanz ofgehalen: eng gewéinlech Generalversammlung an eng aussergewéinlech Generalversammlung den 15. Juni 2021. Well de Quorum vun 2/3 (648 Stëmmen) fir déi geplangte Statutenännerung net erreicht gouf, huet de President Claude BACHE déi 1. aussergewéinlech Generalversammlung zou gemaach an eng 2. aussergewéinlech Generalversammlung fir den 20. Juni 2021 festgeluecht.
- 972 Invitatiounen mat Stëmmziedele goufen un all eis Membere verschéckt. Fir déi gewéinlech Generalversammlung krute mir 245 Äntwerten, fir déi 1. an 2. aussergewéinlech Generalversammlung krute mir all Kéier 244 Äntwerten.
- De Comité ass am Joer 2021 9 Kéieren zesumme komm: 28.01.2021 (Videokonferenz), 24.02.2021 (Videokonferenz), 24.03.2021 (Videokonferenz), 28.04.2021 (Videokonferenz), 19.05.2021 (Videokonferenz), 07.07.2021, 29.09.2021, 21.10.2021, 10.11.2021.

### Interviewen / Presse:

- Publikatioun vun 10 ganzsäitege Kolumnen «Eng Klack fir eis Sprooch» am Luxemburger Wort: 02.01.2021, 06.02.2021, 06.03.2021, 03.04.2021, 09.05.2021, 05.06.2021, 03.07.2021, 02.10.2021, 06.11.2021, 04.12.2021
- Pressecommuniqué iwwer d'Sprooch vum den automateschen Ukënnegungen um Flughafen Findel: 07.09.2021
- Artikel um RTL iwwer eise Pressecommuniqué: 07.09.2021
- Interview mat eisem President Claude BACHE am Radio 100,7 iwwer Lëtzebuergesch um Flughafen, 50 Joer Actioun Lëtzebuergesch a.s.b.l. an eisen Asaz fir d'Lëtzebuergesche Sprooch am Allgemengen: 09.09.2021
- Interview mat eisem President Claude BACHE am Radio RTL iwwer 50 Joer Actioun Lëtzebuergesch a.s.b.l.: 25.11.2021

### Gratis Servicer:

- Permanenten Telefonservice fir dem Public all Froen iwwer d'Lëtzebuergesche Sprooch ze beäntweren: Orthographie, Grammaire, Geschicht, asw. Dee selwechte Service gouf och iwwer E-Mail a Facebook ugebueden.

### Präisser:

- Iwwerreeche vum eiser Gëlle Plaquette «Dicks-Rodange-Lentz» un de «Sproochmates» Alain ATTEN de 25. November 2021 an der Nationalbibliothék fir aussergewéinlech Verdéngschter am Kader vum der Lëtzebuergesche Sprooch.
- Iwwerreeche vum eiser Sëlwer Plaquette «Dicks-Rodange-Lentz» stellvertriedend un d'Wikimedia a.s.b.l. de 27. November 2021 op dem Schëff M.S. Marie-Astrid fir aussergewéinlech Verdéngschter am Kader vum der Lëtzebuergesche Sprooch. Déi lëtzebuergesch Wikipedia huet iwwer 60.300 Artikelen, wat fir eng kleng Sprooch eng enorm héich Zuel ass. Et féinnt een do bal alles iwwer Lëtzebuergesche Perséinlechkeeten, lëtzebuergesch Geschicht a ganz vill aner Saachen. →

## Manifestatiounen:

- Op de Walfer Bicherdeeg ware mir mat engem eegene Stand an der Hal 2 vertrueden: 20.11.2021 an 21.11.2021
- Am Kader vu «50 Joer fir eis Sprooch» gouf et de 25. November 2021 eng Akademesch Sëtzung an der Nationalbibliothék. Musikalesch gouf d'Feier encadréiert vum Vokal-Ensembl Ste. Cécile Éinen. Iwwer 150 Leit si komm, dorënner och den Éierestaatsminister Jacques SANTER, den Educationminister Claude MEISCH, de Sproochecommissaire Marc BARTHELEMY an den Direkter vum ZLS Luc MARTELING. D'Gëlle Plaquette «Dicks-Rodange-Lentz» gouf un de «Sproochmates» Alain ATTEN iwwereecht.
- D'Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch a.s.b.l. huet de 27. November um Schëff M.S. Princesse Marie-Astrid hir 50 Joer gefeiert. Dat exakt um Joresdag, well mir goufen de 27. November 1971 an enger Sëtzung am Danzsall vum Pôle Nord gegrënnt. Et gouf e Kale Buffet «Sou schmaacht Lëtzebuerg», musikalesch encadréiert vum Orchester «Blue Stars». Eise Vize-President a Grënnungsmember Lex ROTH huet e Virtrag gehalen an d'Sëlwer Plaquette «Dicks-Rodange-Lentz» gouf un d'Wikimedia a.s.b.l iwwerreecht.

## Verlag / Publikatiounen:

- Verkaf a Liwwerung vu lëtzebuergesche Bicher aus eisem Verlag: am Ganze goufen am Joer 2021 403 Bicher verkaf.
- Publikatioun vun eiser Broschür «50 Joer fir eis Sprooch» (62 Säiten)
- Produktioun vun engem kuerze Video am Kader vu «50 Joer Actioun Lëtzebuergesch»
- Nodrécke vum Buch «Fabelen op Lëtzebuergesch» (3. Oplo, Lex ROTH)

## Aktiounen:

- Bréif un d'Gemeng Lëtzebuerg, Luxtram S.A. an un den Transportministère, fir datt d'Nimm vun deenen neien Tramstatiounen tëscht der Gare an dem Gaasperecher Bann e lëtzebuergeschen Numm kréien.: 03.02.2021. Mir haten déi heiten Nimm proposéiert: 1. *Rennbunn / Hippodrome*, 2. *Lycée Bouneweg*, 3. *Minesbësch oder Rangwee / Scillas*, 4. *Houwald*, 5. *Lycée Vauban*, 6. *Gaasperecher Bann*, 7. *Stadion*  
Duerch eng Äntwert vun der Stater Buergermeeschtesch krute mir zum groussen Deel Satisfactioun.

## Kommunikatioun:

- Eng Kéier am Joer verschécke mir e Bréif mat der Memberskaart an der Invitatioun fir d'Generalversammlung un eis 986 Memberen.
- Sozial Medien: Op Facebook hu mir elo 1638 Follower (1583 Liken), op Instagram iwwer 283 Follower an op Twitter 265 Follower. Eis Poste gi reegelméisseg vun iwwer 10.000 Leit gesinn.
- Mir hunn eng Mailinglëscht mat iwwer 816 E-Mail Adressen opgebaut.

## Verschiddenes:

- Déi op der Generalversammlung gewielten nei Comitésmembere sinn de 7. Juli offiziell an de Comité opgeholl ginn: Suzette SCHMIT-LEHNERTZ, Jean-André STAMMET a François ZEIEN.
- De Commissaire vun der Lëtzebuenger Sprooch, de Marc BARTHELEMY ass den 30. Juni 2021 fir e Gespréich mam Comité vun der AL op Izeg komm.
- De 15. November 2021 ass d'AL als «association reconnue d'utilité publique» unerkant ginn.
- De Roby ZENNER, féiere Sekretär vun der AL, ass am Mäerz 2021 verstuerwen.
- D'Milly THILL, fréiere Comitésmember, ass am November 2011 verstuerwen.

## 2022:

- D'AL ass am Gaang en neie Grondsazprogramm auszeschaffen. Op der Generalversammlung 2022 gëtt iwwer de Grondsazprogramm ofgestëmmt. 